



Léif Frënn,

D'Situatioun an der Ukrain beschäftegt och eis ganz vill. Mir schaffe fir eng gëeente Welt a fir de Fridden. Dofir wëlle mir och hei net einfach nokucken.

Iwwer di lescht Deeg, hu mir probéiert mat de Leit vun der Fokolarbewegung (chrëschtlech international Organisatioun) vu Polen, der Slowakei a vu Rumänien, déi direkt un d'Ukrain ugrenzen, Kontakt opzehuele fir ze verstoe wéi d'Situatioun, bedéngt duerch de Krich an der Ukrain ass a wéi mir hëllef kënne.

Si si mat enger enormer Flüchtlingswell konfrontéiert. Et gëtt alles gemaach fir d'Familljen, déi d'Ukrain verlooss hunn, bescht méiglechst an den Nopeschlänner opzehuelen an ze hëllef. Meeschtens feelt et awer och hei un de finanzielle Mëttelen.

Aus dësem Grond huet d'AMU sech entscheet direkt an dësen 3 Länner ze hëllef. Vill Familljen, déi während dëser éischter Woch vum Krich ukomm sinn, sinn op der Weiderrees, mee si brauchen Hëllef. Vill hunn Bekannter oder Famill an Europa wou si probéieren hinzekommen. D'Ënnerstëtzung op der Plaz besteet doran dës Famillje weider ze hëllef. Sief et hinnen ze hëllef de richtege Bus oder Zuch ze fannen, sief et direkt Leit mam Auto bis op di nächst Verbindung matzehuelen.

Et geet natierlech och em eng éischt medezinesch Versuergung vu Patienten. Doktere vun der Bewegung hunn sech a Richtung Grenz mat der Ukrain deplacéiert fir hei direkt Hëllef kënne ze leeschten.

An deenen nächste Woche gëtt elo mat enger méi héijer Zuel vu Flüchtlinge gerechent. Dëst si virun allem Familljen déi schonn an hirer Heemecht net déi finanziell Mëttel hate fir direkt aus der Ukrain fort ze kommen. Vill Leit kommen elo an iwwerfëllte Busser un, vun deenen der vill net wësse wouhin. Hei geet et elo drëms fir d'Leit ze empfänken an hinne Liewensmëttel, Schlofgeleeënheeten an dat néidegst op der Plaz selwer unzëbidde wat si brauchen.

Mir soen lech Merci fir all Spend op de Konto vun der AMU fir de Leit aus der Ukrain ënnert d'Äerm ze gräifen, Mentioun "Hëllef fir Ukrain".

Action pour un Monde Uni CCP LU83 1111 1287 6344 0000

Villmools Merci fir är Generositéit!

D'Equipe vun der AMU